



Äntwert vun der Madamm Elisabeth MARGUE, Justizministesch, op d'parlamentaresch Fro n°869 vum honoraablen Här Deputéierte Laurent MOSAR vum 7. Juni 2024 iwwert den Antisemitismus zu Lëtzebuerg

Ad 1) a 2)

Juristesch fällt den Antisemitismus zu Lëtzebuerg an de Kader vum Artikel 454 a vum Artikel 457-1 vum Code pénal, dee virgesäit, datt all Opruff zu Haass oder Gewalt géint eng Persoun oder Gruppéierung, op Grond e.a. vun der Hierkonft oder Relioun, strafbar ass. Den Artikel 80 vum Code pénal, deen 2023 agefouert gouf, gesäit och eng "circonstance aggravante" fir d'Crime, Delikter a gewësse Kontraventiounen an dem Kontext vir. Den informatesche System vun de Justizautoritéiten erfaasst allgemeng d'Affairen, déi ënnert dës verschidde concernéiert Artikelen vum Code pénal falen, ouni de genauen Detail opzeschlësselen. Deemno ginn d'Fäll am Kontext vun Antisemitismus op deem Wee net eenzel statistesch opgeléicht.

Et ass wichteg, datt eise Rechtsstaat konsequent géint all Form vu Rassismus a besonnesch géint Gewalt oder Opriff zu Haass a Gewalt an dem Kontext virgeet, deemno och géint Antisemitismus a géint Gewalt géigeniwwer jiddesche Matbierger.

Fir spezifesch de Phänomen vum Antisemitismus méi wierksam kënnen ze bekämpfen, huet de Regierungsrot den 27. März 2024 e "Comité interministériel pour le suivi du plan d'action national de lutte contre l'antisémitisme (PANAS)" en place gesat.

Ad 3)

D'IHRA Aarbechtsdefinitioun ass en unerkannten Instrument, a wei vill aner Regierungen an international Institutiounen huet d'Lëtzebuurger Regierung dës Definitioun vun der IHRA am Joer 2020 ugeholl.

Lëtzebuerg, den 10 Juli 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue